

d'Peffermillen

'T gin der di léieren ët ni. Zu Hesper hat den CSV-Conseiljé L. Feis, deen wéinst ähnlechen Immobiliengeschäfte schon emol veruerteelt gouf, de Culot fir am Gemengerot matofzestëmme, wi e Lotissement um Houwald gestëmmt gouf, an deem hien Hauptpromoteur as. Mee di ganz Majoritéit vun CSV an DP am Hesper Gemengerot schéngt bei Lotissementer jhust nom Interessi vum Promoteur ze kucken: Deen Dag selwer, wi zu Hesper d'Diddenuewener Strooss wéinst Héichwaasser huet misse gespaart gin, hat d'CSV-DP-Majoritéit de Culot, e Lotissementsprojet bei der Honnsbréck zu Alzéng ze stëmmen, deen zu deem Moment komplett ënner Waasser stong. Als Entschëllegung sot den DP-Scheffe Wanderscheid, d'Strooss kéim 30 Zentimeter méi héich leien wi d'Diddenuewener Strooss. An d'Kelleren? Hei mecht offensichtlech nët nëmmen e Promoteur, mä och nach e Schefferot de Geck mat den zukünftege Propriétaires ... a mat de Pompjeën, di herno müssen d'Bridd ausläffelen. Den Inneminister Jean Spautz huet deene neie Buergermeeschteren bei hirer Vereedegung an d'Gewësse geried an se ob hir Verantwortung bei den Iwwerschwemmungen higewisen. Di al hun dobäi nët brauche nozelauschteren. De Koschter as gespaant, ob den Här Spautz och nach u séng Wieder denkt, wann ët heescht, deen Alzénger Projet genemegen. g.

*

De Koschter freet sech, ween dann déi Kéier namel responsabel as, dass d'Muttergottesstatu an der Fassad vum Haus Hoecklin um Krautmaart, jhust vis-à-vis vum Palais, huet däerfen su grujhelech ugetrach gin? D'Gemeng oder de Service national des Sites et Monuments? Dëst Haus as ëmmerhi ronn honnert Joer méi al wi de Palais an as dat eelst Privathaus an der Stad, dat ganz erhalen as. m.p.

*

Wann ee Kanner vu 6 bis 12 Joer géif mat an Amerika huele, fir hinnen Disneyland oder Disneyworld ze weisen, kënt een dat verstoe, mä di meescht verstänneg Eltere géife wuel de Kapp rëselen, wéi e Mensch souvill Geld kann ausgin fir eng deier Rees, vun där d'Kanner nët allzevill dierften hun. D'*Banque générale* as do anerer Meenung: Am Kader vun engem Molconcours huet si fir Chrëschdag eng Rees verschenkt un e Kand vu 7 Joer, dat elo mat der Mamm oder dem Papp däerf op ... Las Vegas reesen, bei d'Geldautomaten an d'Casinoën! Et kann ee jo ni fréi genug de Kanner de Wonsch animpfen, sech bei der Bank ze verschëlde, fir deier Reesen ze man ob Plazen, di absolut oninteressant sin, ausser fir doheem bei de Komeroden a Noperen ze téinen. m.p.

*

Aus der Bartrénger Gemengerotssëtzung vum 29.10.1993: "Rat Hoffmann informiert den Gemeinderat, daß die Zahl der Teilnehmer an den Yogakursen gestiegen ist, und in absehbarer Zeit der zur Verfügung stehende Saal zu klein sein wird. Obschon die Kurssteilnehmer fast ausschließlich Frauen sind, sollte sich doch der neue Schöfferrat dieses Problems annehmen."

Ronnen Dësch Diskussionssendungen von Radio ARA

Jeden Sonntag zwischen 10 und 11:30 Uhr geht die Diskussionssendung "Ronnen Dësch" bei Radio ARA über die Bühne. Diese Sendung ist z.Z. die einzige regelmässige Diskussionssendung, die unterschiedliche Meinungen von Personen und Gruppen zu gesellschaftlich relevanten Themen konfrontiert. Bislang kamen sowohl VertreterInnen aller Parteien, Gewerkschaften als auch wichtiger sozialer Bewegungen zu Wort.

Die Zeitschrift "forum" unterstützt moralisch, inhaltlich und finanziell diesen wichtigen Beitrag zur demokratischen Diskussionskultur in Luxemburg.

An Feier- und Feriensontagen, und wenn einmal TeilnehmerInnen absagen, wird zur besagten Zeit anstelle von "Ronnen Dësch" die Sendung "forum kultur" von montags, 19:30-21 Uhr, wiederholt.

Die Redaktion von Radio ARA ist für jegliche Vorschläge und Anregungen dankbar. Die verantwortliche Koordinatorin, Ina Nottrot, ist über Tel.: 22 22 86 zu erreichen.

Die vorgesehenen Themen Februar/März:

- 30.1. Schule und Lehrerausbildung (forum)
- 6.2. Arbeitszeitverkürzung
- 13.2. und 20.2. voraussichtlich keine Sendung
- 27.2. cohabitation des communautés religieuses au Luxembourg (en français)
- 6.3. Chancen und Risiken der Gentechnologie
- 13.3. Maastricht und die Folgen
- 20.3. Ethisches Sparen und Bankwesen

Radio ARA, 103,3 und 105,2 MHz
